

Musek a Profit

Yves Stephany

Lescht Woch war zu Groningen den Eurosonic Festival. Véier Deeg laang stoung déi hollännesch Stad ganz am Zeeche vun där sougenannter „amplifiéierter“ Musek. Zanter Joren ass de Festival och fir d'Vertrieder vun de lëtzebuergesche Concerthaiser e feste Rendez-Vous.

Niewent Concerten a Showcasen, bei deenen nei Decouverten am Mëttelpunkt stinn, ginn um Eurosonic och eng Hellewull intressant Konferenze proposéiert, déi sech mat där aktueller Situatioun vum Museksbusiness auserneesetzen.

D'Museksindustrie, wéi mir se nach virun 20 Joer kannt hunn, gëtt et net méi. An der Lescht sinn d'Majorlabelen een nom aneren an d'Knée gaangen. Iwwerall gouf geklot, et kéint ee keng Sue méi mat Musek maachen. Obwuel... Net grad iwwerall. Et gouf och aner Stëmmen. Virun allem Museker hunn déi Entwécklung, déi den Internet an dat legaalt an illegaalt Erofluende vu Musek mat sech bruecht huet, als positiv empfונnt. Oder si ware sech bewosst, datt dat nun emol ebe sou wär, an datt dës natierlech Entwécklung kee Grond wär, fir de Kapp an de Sand ze stiechen, mä datt déi Leit, déi d'Musek maachen, an déi, déi se verkafen, sech missten un déi nei Situatioun upassen.

Ënner dëse pragmatische Mënschen ginn et der och, déi soen, datt Musek, wann ee keng Sue mat CDen a Placke ka verdéngen, méi eng Konscht- an Ausdrocksform, a manner en Deel vun der oninteressanter Ënnerhaltungsindustrie gëtt.

Zu Groningen huet ufanks Januar jiddefalls kee méi vu Kris geschwat. D'Branche ass voller Elan, vill kleng Labelen presentéieren nach méi intressant Bands. Et ginn nach e puer wéineger déi mengen, et

misst een no de Stäre gräifen, déi meescht Concernéiert, schéngt et mir, si sech awer bewosst, datt et elo gutt ass mam Wonsch, Rockstar ze ginn, an datt déi Musek, déi éierlech ass an net op e Milliounepublikum zougeschoustert gëtt, méi intressant ass.

Musek ass Konscht. Musek soll wéinst der Musek gemaach ginn, net wéinst dem Profit. Datt een och mat méi pointéierte Kläng en avertéierte Public ka begeeschten, dat hunn zum Beispill en Donneschdeg den Owend direkt hannerteneen am selwechte Club Mount Kimbie den James Blake an déi finnesch Formatioun K-X-P bewisen. Schued, datt dës Attitude nach net bei den hollänneschen Artisten ukomm ass, déi dës Joer beim 25. Anniversaire vum Eurosonic am Mëttelpunkt stoungen. An och am klengen Lëtzebuerg schéngt vill Bands nach net richtig matkritt ze hunn, datt d'Zäit vum Stadionrock eriwier ass. Sécher, d'Musek vu Bands wéi Eternal Tango an Angel at my Table ass gutt gespilt, a si hunn domat, méi wéi soss iergend ee Museker, Succès am Ausland. Awer als Konscht kann een dat leider net méi bezeichnen.

Et wier schéin, wann zu Lëtzebuerg aus där extrem aktiver Musekszeen méi intressant Musek géif kommen. A wann d'Musek, ähnlech wéi zu Groningen, an adäquate Cluben a Bistroe géif dem auslännesche Public presentéiert ginn. An net an engem Betons-Cube, wéi dat bei eisem „klengen Eurosonic“ an der Rockhal probéiert gëtt. D'A ësst bekanntlech mat. Bei der Musek ass et net anescht. Wann een d'Konzept vum Sonic Visions aus der Rockhal an d'Stad géif transferéieren an op ëffentleche Plazen d'Gruppe géif spille loosse, géif dat definitiv méi Leit uschwätzen. Et ass schued, datt am räiche Lëtzebuerg dacks probéiert gëtt, eppes mat Suen ze kafen, oder eppes wéinst de Suen ze maachen, an d'Konscht, dat, wat dobäi rauskënnt, wann een eppes probéiert ouni de séchere Wee ze goen, op der Streck bléift. ♦

Kulturchronik
vum 18.1.2011

